Lëtzebuerg, den 19. Mee 2025

# Invitatioun op eng Nuecht an de Gäert mat de Frënn vum Naturmusée

***Léif Frënn***

Aus Ulass vum Luxembourg Urban Garden Festival (LUGA) an zwee nei ugeluegte Gäert am ‚natur musée', drängt sech elo am Juni eng Nuecht an de Gäert einfach op.

Dir sidd häerzlech invitéiert op eisen Owesprogramm, dee mir exklusiv fir Iech organiséieren

***Freides, den 13. Juni 2025***

**Rendez-vous um 17.30 Auer** am Stater Park virun der Fondation Pescatore.

Aus enger grousser Auswiel vu ganz verschidde Gaardeprojeten déi am Kader vun der LUGA realiséiert goufen, präsentéiere mir Iech eis Favoriten.

Zu Fouss wandere mir duerch d'Gäert bis an de Gronn.



No engem Apperitif weisen eis d'Botaniker vum natur musée, den **Thierry Helminger** an d'**Laura Daco**, déi zwee nei ugeluegte Musées-Gäert, de „Gaart ënnert dem Kiischtebam" direkt nieft dem Musée an de Steegaart am Musée, déi wuel schéinsten Terrasse am Gronn.

Bei méi schlechtem Wieder féieren d'Botaniker eis duerch hir nei Ausstellung „***Sous les pavés – la nature***" um 2. Stack vum Musée.



Uschléissend kale Buffet an der Cafeteria an am Gaart.

Ofschloss vum Owend géint 22.00 Auer.

**Onkäschtebäitrag** : 20 € pro Persoun (Féierungen, Appéro, Iessen an alles soss abegraff).

Sidd Dir interesséiert de flotten a beweegten Owend mat eis ze verbréngen mellt Iech wgl. un per Mail op info@amnhn.lu ***bis spéitstens Sonndes, den 8. Juni.***

*An der Freed Iech erëm ze gesinn, a mat beschte Gréiss vum ganze Comité.*

Jim Meisch, President; Catherine Faber, Vizepresidenten; Marie-Paule Welter, Trésorière; Geneviève Faber, Sekretärin, Änder Mousset; Claude Meisch; Corry Thys; Denise Schweitzer, Fränk Wagner

**Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg**
**tel.(+352)462233-1 – info@amnhn.lu - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 - www.amnhn.lu**